DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 16. Mäerz 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„Nodeems sech Fielsen iwwer dem Tunnel vu Bierden lassgeléist hunn, stellt sech op en Neits d'Fro vun der Sécherheet op der CFL-Nordstreck. D'CFL huet an de leschte Joren eng Rei Stabiliséierungsmoossnamen duerchgefouert fir esou kritesch Incidenten ze vermeiden.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- *Kann den Här Minister e Bilan vu dëse Moossnamen zéien?*
- *Wéi dacks gi Kontrollen op der Nordstreck duerchgefouert fir d'Wierksamkeet vun de Stabilisatiounsmoossnamen z'iwwerpréiwen an dës eventuell auszebauen?*
- *Sinn an noer Zukunft nach weider Infrastrukturmoossnamen an deem Sënn virgesinn?*
- *A wat fir engem Mooss ass d'Zweegleisegkeet op der Nordstreck fir den Här Minister eng Optioun, déi een ëmsetze kéint?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten